



Demokratesch Partei verteidegen an ëmmer nees verteidegt hunn. Dofir wier et och nëmmen normal, wann d'Droit-voisinen och hei zu Lëtzebuerg un eis Kënschtler géifen ausbezuelt ginn. Leider ass, wéi gesot, nach keen do, deen dëst mécht, wéi d'SACEM dat bei den Droit-d'auteurs ganz gutt mécht.

Et muss ee wëssen, datt d'Interpreten dat net selwer an d'Hand huelen. Dat muss schonns an der Form vun enger Gestion collective gemaach ginn. Ech hoffen, datt d'Basis, also déi concernéiert Kënschtler aus der Musekszeen, genau wéi dat och bei der SACEM 2003 geschitt ass, sech staark maachen, fir sech fir hir Rechter anzsetzen, an datt esou eng Firma erkennt, datt d'Lëtzebuurger Musekszeen et derwärt wier, fir hei och d'Droit-voisinen anzammelen an ausbezuelen.

Ech fannen et nämlech fundamental, datt och hei zu Lëtzebuerg all Rechter rémunéiert ginn, siefen dat déi vum Auteur oder déi vum Interpret oder Produzent. D'Droit-d'auteurs an d'Droit-voisine ginn Hand an Hand.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der demokratescher Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Bauler. Nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeinnen a Kollegeen, e grouesse Merci un de Rapporteur fir säin ausféierleche schréfftlechen a mëndleche Rapport. Ech géif weider keng Ausféierung méi zu deem Projet de loi ginn an d'Zoustëmmung vun eiser grénge Fraktioun dozou ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Nächste Riedner ass... - ah, ech hat den Här Kartheiser hei stoen - den Här Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Mir wäerten als ADR dësen Text stëmmen, deen exzellent ass. Effektiv, ouni Droit-d'auteurs, siefen dat elo Droits d'auteur proprement dits oder Droits voisins, gëtt et keng Kreatioun. D'Essenz ass d'Rémunéatioun vum Schafenden, vum Konschtschafenden, vum Komponist, vum Auteur, vum Interpret. An dat ass esou e wichtegt Uleies, datt mer dat onbedéngt sollten hei ënnerstëtzen.

Nodeem den Här Mosar eng Lanz gebrach huet fir d'Kabelbedreier an den Här Bauler fir d'SACEM an am Rahme vun der Transparenz iwwer eise Lobbyismus deklaréieren ech dann, datt ech Membre associé si vun der SABAM. Voilà.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. No dësem kollektiven Outing...

(**Hilarité**)

...géif ech da froen, ob nach eng Wuertmeldung do ass.

Dat ass net de Fall. Dann huet de Minister d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Merci, Här President. Ech soen dem honorabele Rapporteur Merci fir säi mëndlechen a schréfftleche Rapport. Och alle Spriecher vun deene verschiddene Fraktiounen soen ech e Merci, an och dem Här Mosar. Seng Kritik ass gehéiert. An ech ginn em och recht. Mir selwer waren als Regierung och net ganz glécklech iwwert den Detail vun där doter Direktiv, hunn eis awer leider op europäischem Niveau net zu méi kënnen duerchsetzen oder net méi wäit kënnen duerchsetzen. Mä mir wäerte weider do en A drop halen.

An domat soen ech lech alleguerte Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat wäre mer um Enn vun eisen Diskussiounen a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6667 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6667 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58 Deputéierter hu selwer oder par procuration um Vote deelgeholl an 58 hu sech der mat Jo ausgedréckt. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), MM. Laurent Mosar, Marcel

Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ech wollt d'Chamber froen, ob se d'Dispens gëtt.

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum virleschte Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6700, en Amendement zum Kyoto-Protokoll. An ech wollt direkt drop insistéieren, dass dëse Projet laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmme brauch. De Vote par procuration ass hei net zougelooss, soudass jiddweree weess, wou en drun ass. An de Rapporteur, den Här Henri Kox, huet direkt d'Wuert.

## 6. 6700 - Projet de loi portant approbation de l'amendement au Protocole de Kyoto à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques, adopté à Doha le 8 décembre 2012

**Rapport de la Commission de l'Environnement**

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.** - Merci, Här President. Da kann ech d'Ried op deem Punkt e bësse verkierzen, dann ass dat scho gesot. Effektiv geet et ëm d'Randifikatioun vum Kyoto-Protokoll, an dëst vun der Convention-cadre vun der UNO, déi den 8. Dezember 2012 zu Doha geholl ginn ass.

Dir hutt an de leschten Deeg oder Wochen an der Press kënnen liesen: Sait 2000 waren all déi Joren hannendrun déi wärmste seit der Klimamoossung. Insbesondere 2014 war eent vun deene wärmsten, an dat och net nëmmen international an deenen anere Länner, mä och hei zu Lëtzebuerg. Dat kënnt net vun ongeféier an et gëtt och schonn des Éftere confirméiert a ganz renomméierte wëssenschaftleche Rapporten. Dee leschte Rapport, deen erauskomm ass, dat ass dee vun der UNO, vun de Klimaexperten, deen am Oktober erauskomm ass. Dat war de fënnefte Bericht successiv, deen dat nach eng Kéier bestätegt.

Wat huet dee Bericht gesot? Dräi Moossname vläicht, déi wichteg sinn: Éischstens, de Klimawandel ass eendeiteg. A seit 1950 gëtt en och successiv bestätegt. Fir d'Zweet ass e vu Mënschenhand gemaach, an dat ass och eppes, wat och haut net méi contestéiert gëtt. An drëttens, dat ass, dass d'Länner alleguerten opgefuerdert ginn, eppes ze ënnerhuelen. An dat ass och nach eng Kéier zu Lima am Dezember vun deenen 195 Länner, déi an deem Accord mat verhandelen, bestätegt ginn.

Dat heescht fir eis a fir mech ganz perséinlech, dass d'Lutte géint de Klimawandel eng Prioritéit muss vun all de Regierungen sinn. Dat soll och eis Chamber interesséieren. Dofir hu mer jo och en Débat d'orientation mat Rapport geplangt, dee mer hoffen, virum Summer awer kënnen hei dann ze debattéieren an dann och Moossname fir Lëtzebuerg kënnen auszuféieren.

Wat seet dat Gesetz selwer? Dir wësst, dass de Klimawandel seit 1992 an der Diskussioun ass. An dat ass duerch déi Convention-cadre vun der UNO an d'Liewe geruff ginn. '94 gouf se hei zu Lëtzebuerg ratifizéiert, '95 ginn eréischt d'Diskussiounen un a '97 si mer eréischt a sech zu deem Kyoto-Accord komm.

Wat huet dee gesot? Deen huet a sech gesot, dass all d'Länner, déi dee ratifizéieren - dat waren a sech d'Industriellänner -, 5% vun hire klimaschiedegende Gasen an der Period 2008 bis 2012 sollte reduzéiere par rapport zum Joergang 1990.

Et hätt sollen zu engem zweete Kyoto-Accord kommen, an dat no 2012. Et ass awer net zu deem Accord komm. An dofir ass et just zu engem Amendement zu deem Kyoto-Accord komm. An dat ass dat, wat mer haut ratifizéieren.

Wat huet dee gesot? Deen huet gesot, dass dann d'Period vun 2013 bis 2020 leeft an net méi 5% musse reduzéiert ginn, mä am Ganzen 18%. Dat heescht, et ass an d'Luucht gaangen. Et ass awer och nach e weidere Klimagas derbäikomm, dat ass de Stickstofftrichlorid. Ech wëll déi aner Stoffen net mat opzielen, mä dee bekanntesten ass den CO<sub>2</sub>, deen am meeschten ëmmer an de Mënnern ass.

Wéi gesot, et muss ratifizéiert ginn, fir dass e kann ugewannt ginn, dësen Accord, dat heescht, op d'mannst vun dräi Véirels vun deenen 192 Länner, déi deemools de Kyoto-Accord mat ënnerschriwwen hunn.

Wat heescht dat fir d'Europäesch Gemeinschaft? D'Europäesch Gemeinschaft huet gesot: 20% reduzéieren. An do deklinéiert sech dat Ganz op Lëtzebuerg. A Lëtzebuerg huet och gesot, et géif reduzéieren, an dat och ëm 20%, awer net par rapport zu 1990, mä par rapport zu 2005. An där neier Period bis 2020 muss Lëtzebuerg eben déi Efforte maachen.

Zu der legislativer Prozedur nach dräi Datumen. De 24. Juni 2014 gouf dëst Gesetz déposéiert. Den 21. Oktober 2014 huet de Statsrot säin Avis gesot. An den 30. September huet d'Chambre des Métiers och eppes gesot. An den - also véier Datumen - 20. November gouf ech als Rapporteur zu dësem Projet ernannt.

De Conseil d'État huet gesot, dass déi Zweek-Drëttel-Majoritéit hei muss genannt ginn. Den Här President huet dat scho virdu gesot. D'Chambre des Métiers hat a sech keng Observatioun.

Dofir géif ech mengen, dass deen Accord, wou et sech just ëm een Artikel handelt, och vun eis sollt kënnen mat grousser Majoritéit gestëmmt ginn. An ech bréngen dofir och den Accord vun der grénge Fraktioun.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den Här Marcel Oberweis.

**Discussion générale**

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Ministesch, erlaabt mer am Ufank, wéi dat hei am Haus übblech ass, dem Henri Kox Merci ze soe fir dee schréfftlechen an och säi mëndleche Rapport. Hie wor a senger Gedanken an Ausféierung ganz wäit gaangen. Ech wëll dozou näischt méi bäifügen, wollt awer am Numm vun der CSV mer e puer Gedanken zum Klimawissel maachen.

Mir hunn hei gesot kritt, dass am Kyoto-Protokoll en Amendement gemaach ginn ass. An deen ass jo awer esou geplangt, dass en 2020 zu Enn soll kommen. Mä maache mer eis dach näischt vir: Wann deen zu Enn soll kommen, de Klimawissel geet virun! Zënter dem Akraaftriede vun dësem Protokoll am Joer 2005 sinn d'Dreifhausgasen net erofgaangen, mä au contraire, si sinn eropgaangen. All Joers hu mer en neie Rekord gebrach. An dat kënnt, well an der ganzer Welt, a ville Schwellelänner och mëttlerweil fossill Energien agesat ginn.

Momentan bedroen d'Emissiounen schonn 43 Milliarden CO<sub>2</sub>-Equivalent. Dat si 50% méi wéi 1992! Dobäi war den Energieverbrauch an de leschte Joren duerch d'Kris erofgaangen. Interessant op alle Fall: Wann een dës Emissiounen op d'Weltbevölkerung iwwerdréit, da leie mer bei sechs Tonne pro Kapp! Dem Weltklimarot no, deen elo kuerz ugesprach ginn ass, mussen déi awer bis 2050 op 20 Milliarden erofgedréckt ginn, dat heescht nach just zwou Tonne op de Kapp fir déi Leit, déi dann nach liewen. Ech net méi, mä déi Jonk vun eis, déi liewen dann nach.

An der Europäescher Unioun ass d'Moyenne néng Tonne. A Lëtzebuerg huet natierlech ëmmer e Spëtzwäert vu 27 Tonne. Do kënnt Der lech virstellen, wat fir eng Aarbecht virun ons läit, fir op zwou Tonne während deenen nächste Joren erofzuegoen. An dobäi huet dann d'Europäesch Unioun, dat muss een awer soen, vill gemaach, well mir hunn nach just 11% vun de weltwäiten Emissiounen.

De Cocktail vun de géftege Gasen an der Atmosphär huet negativ Auswierkungen, Dir wësst et: Waasserknappheet, Iwwerschwemmungen an esou virun, d'Uklamme vum Mieressniveau. D'Joer 2014, et ass elo grad gesot ginn, dat lescht Joer war dat wärmstent zënter de Moossungen, zënter 1854. Dobäi huet Lëtzebuerg souguer och seng Moyenne ëm 1,5 Grad eropgehuewen. A mir kënnen hoffen, dass et net esou weidergeet!

Bei der rezenten Ëmweltkonferenz zu Lima, wou d'Madame Ministesch jo derbäi war, ass zu Recht bemängelt ginn, dass déi gutt Usätz am Kyoto-Protokoll net weider befollegt si ginn. Et ass nach schlimmer agetratt: Vill Länner hunn opgehele matzemaachen, si souguer aus dem

Protokoll erausgetrueden. An domadder huet d'Effikassitéit jo och ofgeholl.

Wa mer keng Remedur maachen, dann ass dat Zil, dat mer eis ginn, 2 Grad net ze iwwerschreiden, net haltbar! An d'Klimatologen soen eis jo schonn, dass et wahrscheinlech dräi bis véier Grad wäerte méi ginn. Mir hunn also hei d'Ausmoossungen total verfeelt (veuillez lire: d'Ausmooss total ënnerschätzt!)

An de leschte Joren, muss een awer soen, sinn awer hei a Lëtzebuerg e puer Moossnamen ergraff ginn. Mir sollen net maachen, wéi wann näischt geschitt wier. Mir hunn am Amendement festgehale, et ass elo grad gesot ginn: Eng éischt Period, do sollte mer ëm 5% erofgoen; déi zweet Period, do sollte mer ëm 18% erofgoen. D'Europäesch Unioun als Virreider seet: „Mir maachen 20%.“ A si wëllt souguer 40% maache bis 2030. Also, mir ginn eis do ganz ambitiéis Ziler! Hoffe mer, dass déi aner matmaachen.

Niewent dem ETS-Zertifikaatiounssystem fir d'Industrië mussen awer och déi aner Beräicher, d'Net-ETS, Mesuren ergräifen, fir den Energieverbrauch erofzesetzen an domadder och dann d'Dreifhausgasemissiounen.

Ech dierf awer drun erënneren, wat e bëssen dramatesch ass, dass mëttlerweil d'Tonn vun CO<sub>2</sub> mat manner wéi 5 Euro gehandelt gëtt. An et war tabléiert ginn, haut wiere mer bei 30, 40; also wäit ewech dovunner! An dat mécht d'Saach och net einfach. Bis zum Joer 2020 muss de Präis eropgehuewen ginn, well mer probéiere jo, iwwerall Reduktiounen anzeféieren.

Am Bau hei am Land ass ganz kloer en Dréi geholl ginn, well mer duerch Passivhaus- an Niddregenergiebauweis virukommen. An ech muss och soen, de Klimapakt hei am Land huet a bal 106 Gemenge gegraff. An et kann ee jo nëmmen houfreg sinn, dass d'Leit um Terrain matmaachen.

Ee Beräich awer, wou mer versot hunn - ech géif do soen, mir hu kollektiv versot -, ass de Verkéier. Ech dierf just drun erënneren: Am Joer 1998, do hate mer 9,8 Milliounen (veuillez lire: 9,8 Milliounen Tonnen) Emissiounen. An dat war minus 28%, déi mer eis selwer ginn haten. Mä leider ass doropshin awer den Tanktourismus esou geklommen, dass mer haut erëm bal bei 12 Milliounen leien.

Eng kleng Note nach dozou. D'Europäesch Kommunikatioun 689 aus dem Joer 2014 huet gesot gehat, Lëtzebuerg wäert seng Ziler bis 2020 ëm plus 23% iwwerschreiden. D'europäesch Moyenne ass minus 1%. Dir kënnt lech virstellen, wat mer do erëm eng Kéier eng Aarbecht virun ons hunn! An ech denken, dass d'Madame Ministesch e puer Wuert dozou wäert soen.

Si soen och an hirem Pabeier, der Kommunikatioun: Mir mussen eis Kraaftstoff eroptaxéieren. Wéi mer dat hei maache wäerten, dat soll da gemeinsam organiséiert ginn. Mä ech denken, d'Etüd „Tanktourismus“, déi wäert eis do nei Weeër soen. An ech soe ganz kloer: De Klimawandel, net all Mënsch erkennt dat, do muss awer - an ech mengen, dat maachen déi meescht Leit mat - e Mentalitéitswandel kommen!

Ech kommen zum Schluss, Här President. Ech wollt just soen, wa mer eis net ustrengen, da wäerten déi Käschten, déi hei ufalen - net fir ons, fir mech, mä fir meng Kanner oder fir Är Kanner a Kandskanner -, ganz grouss Käschten erviruffen. A mir kënnen hoffen, dass deen nächste Vertrag zu Paräis hei en neit Resultat wäert bréngen!

An ech bréngen den Accord vun der CSV mat a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Oberweis. Dann huet den Här Roger Negri d'Wuert gefrot.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur Henri Kox e grouesse Merci fir seng Rapporten, déi mëndlech, schréfflech, déi ganz komplett waren. An dofir wëll ech och just e puer Wieder aus der Siicht vun der LSAP soen.

Mir stinn effektiv virun enger duebeler Erausforderung, souwuel hei zu Lëtzebuerg wéi als Member vun der Europäescher Unioun. An och wann de Klimaschutz aus der politescher Aktualitéit verschwonnen ass, ass en nach ëmmer do an e gëtt net méi kleng, wat mer méi laang waarden.

Mir hunn zu Doha leider misse feststellen, dass zwee Länner haaptsächlech, d'USA a China,





net matmaachen an där zweeter Kyoto-Etapp. An dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass d'Europäesch Unioun hei un engem Strang zitt an hir Responsabilitéit hält an dat net nëmmen a Sonndesriede mécht, mä an effektiv rechtlech verbindlechen Ziler och ëmsetzt. An dat kënnen mir och nëmme weider ënnerstëtzen.

A wann d'Prognose vu renomméierten Experten och nëmmen e bësse stëmmen, dann ass et ganz kloer, dass mer hei gefuerdert sinn, a besonnesch hei zu Lëtzebuerg, wou mer en héije Liewensstandard hunn. D'Verbesserung virun allem vun der Energieeffizienz an d'Entwicklung vun neie Materialien an Technologien hei an der Recherche - ech mengen, mat deenen neien CRPen hu mer jo do déi Méiglechkeet - sinn e ganz wesentlecht Element am Kampf géint de Klimawandel.

Verbindlech Klimaziler, déi an der ganzer EU Uwendung fannen, ënnerstëtzen eis dobäi, grad an engem Moment, wou d'Energiepräisser esou niddreg sinn a wou mir alleguer natierlech versicht sinn, do net esou spuersam mat dëser Ressource ëmzegoen.

An deem Sënn wollt ech vläicht eis Ministesch froen, ob se eis kéint e puer Detailer ginn, wat no der Konferenz vu Lima Enn d'lescht Joer erauskomm ass, besonnesch en vue vum nächste Sommet, wou jo dann en definitiven Accord soll fonnt ginn, zu Paräis, an dat am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence.

An deem Sënn géife mir als LSAP dëse Projet ënnerstëtzen a ginn och domadder den Accord.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Negri. Dann huet den Här Max Hahn d'Wuert.

► **M. Max Hahn (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech soe fir d'Éischt op dëser Plaz dem Rapporteur Merci fir säin ausféierleche schréfflechen awer och mëndleche Rapport.

De Gesetzesprojet, iwwert dee mir de Mëtten diskutéieren, gesäit en Amendement zum Kyoto-Protokoll vun 1997 vir, an dat fir sécherstellen, dass de Klimaschutz och weiderhin eng Prioritéit bleift. Wéi scho gesot ginn ass, verlängert dës Annerung och déi lëtzebuergesch Engagementer op dësem Niveau; elo emol bis 2020.

Här President, ech mengen, jiddwereen heibannen ass d'accord, dass mer op eis natierlech Ressourcen oppasse mussen. Dëst, fir dass sech eis Gesellschaft op laang Dauer weiderentwéckele kann a mir eise Kanner eng Welt hanterloossen, déi liewenswäert ass. Et wier onverantwortlech, wa mir eis Ëmwelt haut esou beschiedege géifen, dass et fir eis Kanner muer onméiglech wier, vun enger bestëmmter Liewensqualitéit ze profitéieren. Dofir mengen ech, dass de Klimaschutz en Thema ass, wat iwwert d'Parteigrenzen erausgeet.

An dësem Sënn hat dëst Haus och 2001 de Kyoto-Accord guttgeheescht, an deem mir eis engagéiert hunn, den Ausstooss vu geféierleche Gase bis d'Joer 2010 ëm 28% par rapport zum Stand vun 1990 ze kierzen. Jo, dëst war en ambitiëst Zil, an et ass bestëmmt net falsch, fir an dësem Beräich éiergäizeg ze sinn.

Et muss een awer och realistesch sinn an agestoen, dass mer trotz ville Beméiungen et net fäerdegbruecht hunn, eis Ziler ze erreechen. Amplaz vun deenen ugepeiltenen 28% hu mer nëmme ganzer 8% gepackt. Dëst soll awer kee Grond sinn, de Kapp hänken ze loossen. Et soll vill méi eng Opfuerderung un eis alleguer sinn, fir nei Weeër ze fannen, wéi mer d'Energie méi effizient a méi propper notze kënnen, ob dat am Beräich vun de Privatpersounen oder vun de Betriber ass.

Jo, et ass richtig, sech weider ambitiëst Ziler ze setzen, esou wéi mir dat och haut de Mëtten hei maachen. Mä mir brauchen och eng Diskussioun iwwert d'Moyenen, wéi mer et fäerdegbréngen, eis Ziler hei am Land ze erreechen.

Här President, an dësem Kontext wëll ech drop hiweisen, dass d'Sous-kommissioun, déi den Débat d'orientation zum Thema virbereet, sech dëst zum Zil gesat huet. Et geet hei drëms, d'Potenzialer beim Klimaschutz erauszuschleien, fir feststellen, wou mer hei am Land nach Méiglechkeeten hätten, fir eis Energie méi effizient ze notzen.

Erlaabt mer dann awer och, kuerz drop hinzeweisen, dass d'Demokratesch Partei während deene leschte Joren d'Konzept vun der Klimabank ëmmer weider virugedriwwen huet an ech am Oktober d'Geleechenheet hat, eis Iddi vun enger Klimabank ganz konkret ze erklären.

Et handelt sech dobäi ëm eng Kooperatioun tëscht dem Stat an agréierte Banken hei am Land, bei deenen een e Prêt logement kréie kann, fir säin Haus ze renovéieren an et domadder energetesch ze verbessern. Well ee jo no esou enger Renovatioun manner Heizkäschtchen huet, kann ee mat dësem Erspurnis de Prêt zréckbezuelen. De Stat géif an dësem Fall d'Zënse vum Prêt iwwerhuelen, soudass et e Crédit à taux zéro géif ginn. An anere Wieder: De Stat hëlleft de Leit, hiert Haus energetesch ze sanéieren, andeems hien en Deel vun de Käschtchen duerch eng Virfinanzéierung iwwerhëlt.

Dës Iddi mécht a villerlee Hisiicht Sënn: Éischtens ass et besser, mir investéieren hei am Land, wéi dass mer d'Sue fir Projeten am Ausland ausginn; zweetens gëtt esou d'Bausubstanz hei zu Lëtzebuerg erneiert; drëttens kréien eis lokal Handwerksbetriber méi Optrag, a véiertens ginn d'Privatstët duerch d'Aspue- runge bei den Heizkäschte finanziell entlaascht. Här President, d'Klimabank ass also e Moyaen, wéi een eng nohalteg Klimapolitik an eng iwwerluechte Wirtschaftspolitik zesummebréngen kann. De Mëtte gi mir eis weider Klimaschutzziler. Elo ass et un der Zäit, fir Konzepter op den Dësch ze leeën, mat deene mir eis éiergäizeg Ziler erreeche wäerten. Eist Land huet vill Potenzial. Et geet drëms, dës fräizesetzen!

Ech soen Iech Merci, an ech ginn heimat den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Hahn. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, d'ADR kann hei e Bäitrag leeschten, andeems se vläicht méi e realistesch Bléck op déi Debatt hei an déi Problematik haut propo-

séiert. Mir huelen, wéi all Partei hautzudaags, den Ëmweltschutz extrem eescht, inklusiv selbstverständlech de Schutz vun der Atmosphär. A mir begrëssen et, dass an engem Accord, wéi elo zu Doha, och ëmmer weider Gassen a méiglech Dreifhausgasen do op déi Lëscht gesat ginn an dass dat zu enger Ustren- gung féiert, fir d'Natur méi ze schounen.

Trotzdem muss een awer och realistesch sinn a feststellen, dass de System, deen zu Kyoto agefouert gouf, largement ineffikass ass. Ech wëll hei just e puer Zitater vun eise Rapport aus der Cour des Comptes vun 2013 bréngen, déi dat ganz kloer soen.

D'Cour des Comptes sot, éischtens, dass deen Objektiv, dee mir eis als Lëtzebuerg gesat hat- ten, «complètement irréaliste» wär. Dat Zweet, wat d'Cour des Comptes gesot huet, dat ass, dass déi Mechanismen, déi agefouert gi sinn, «très critiquables d'un point de vue écologique» wäeren. An déi drëtt Constatatioun, dat wor, dass deen «marché de quotas d'émission de gaz à effet de serre», deen do agefouert gouf, «s'est avéré comme un échec.» Dat ass dat, wat d'Cour des Comptes gesot huet.

A mir musse jo och gesinn, wa mer Europa insgesamt gesinn an d'Emissiounen weltwäit - verschidde Virriedner hunn op Aspekter do schonn opmierksam gemaach -, mä an Europa ass dee gréissten Deel vun der Reduktioun vun den Emissiounen där Tatsaach ze verdanken, dass déi osteuropäesch Industrien eben no 1990 ofgebaut goufen a keng Emissiounen méi bréngen.

Deen Amendement, dee mer haut hei solle stëmmen, betrëfft maximal 15% - et gëtt geschat 13% - vun de Weltemissioune an Equi- valent CO<sub>2</sub>. Do sinn déi wichteg Staten ausserhalb der Europäescher Unioun iwwerhaapt net vertrauten. Also, et sinn u sech d'Europäesch Unioun an e puer anerer, déi deen do Enga- gement op sech huelen.

Fir Lëtzebuerg bedeit dat, dass mir bei deenen 13% mat 0,000... Ech weess net, ob d'Regie- rung genau weess, wat do genau eise Pourcen- tage ass, mä deen ass fir d'Welt, net fir eis, mä fir d'Welt an d'Emissiounen weltwäit absolut né- gligeabel!

Mir mussen eis awer froen: Déi do Kontribu- tioun, déi mir bréngen, wat bedeit déi fir eis an eis Economie? Mir hunn, an dat wësse mer, Problemer op der Finanzplaz a mir hunn als Land e Problem, dass mer ze vill ofhängeg si vun de Servicer vun engem Secteur vun der Economie. Et ass also dofir wichteg, dass mer d'Méiglechkeete vun der Diversifikatioun ëm- mer nees präiwen an och no vir driiwen. An et ass och wichteg, dass mer déi aner Industrien oder aner ekonomesch Akteuren am Land, wéi d'Industrien, net découragéieren an net delo- kaliséieren.

Elo seet awer d'FEDIL eis ganz kloer, dass si enorm Problemer huet. D'Energiepräisser sinn ze héich a si ënnersträicht de Risk vun der De- lokalisatioun vu Betriber aus der Europäescher Unioun eraus, och aus Lëtzebuerg eraus, wat also dann eis Ofhängegkeet géintiwwer vum Finanzsecteur nach méi géif erhéien an Zäiten, wou awer do genuch Problemer sinn.

Mir mussen also kucken, dass mer elo net nëm- men, wa mer hei iwwer Klimaschutz schwät- zen, déi eng Dimensioun gesi vun deem Bäl-

trag, dee souwéiso fir Lëtzebuerg négligeabel ass, mä mir mussen de Gesamtbléck op eis Eko- nomie an eis ekonomesch Interessen an op d'Noutwendegkeet vun der Diversifikatioun vun eiser Industrie och huelen.

Mir hätte gär als ADR, dass mer selbstver- ständlech eng éierlech a realistesch an ëmsetz- bar Ëmweltpolitik féieren. Mir hätten awer och gär, dass mer ouni Ideologie a mat Realismus op d'Interesse vun eiser Economie oppassen. A mir hätte gär, dass mer net aus ideologesche Grënn eng wichteg finanziell Kontributioun zu eise Statsbudget - an dat ass den Tanktouris- mus - elo einfach op d'Spill setzen, wou mer souwéiso schonn e Budgetsdefizit hu beim Stat, wou mer souwéiso schonn Ausfall hunn duerch d'Ewechfale vun de Steieren am Beräich vum elektronischen Handel an esou virun. Et ass net an där Situatioun - och egal wéi wich- teg elo d'Ëmweltpolitik eis ass -, fir liichtfankeg mat deenen anere finanziellen an ekono- mischen Interesse vum Land ëmzegoen!

Et ass also méi verlaangt wéi en eesäitege Bléck op déi reng Ëmweltaspekter, wéi gesot, déi fir Lëtzebuerg souwéiso an dëser Problematik net ganz bedeitend sinn, weltwäit gesinn.

A wat mer nach als leschte Punkt wëlle brén- gen, ass eben deen Aspekt, dass mer hei sou- verän Rechter ofginn an engem Domän, wou dat net néideg ass!

Mir sinn als ADR souwéiso ëmmer der Mee- nung, dass mer sollen déi Saachen, déi mer kënnen national décidéieren, sollen national décidéieren. Wa mer souverän Rechter ofginn, muss dat an engem Sënn sinn, dass et eng temporär Derogatioun ass. Esou steet et jo och an eiser Constitutioun. Et soll eis eng Souverai- neté partagée ginn. Et soll eis gläichzäiteg méi Handlungsméiglechkeete bréngen. Vun deene Kritären ass hei keen erfüllt. Dofir si mir am Prinzip och net dermat d'accord, dass mer an dësem Beräich souverän Rechter ofginn.

Mir wëllen, wéinst der Wichtigkeet och, deen den Ëmweltschutz fir eis huet, net géint dës Ra- tifikatioun stëmmen, mä aus all deenen anere Considératiounen, déi ech hei hu kënnen brén- gen, wëlle mer eis enthalen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. De leschte Riedner ass den Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech wëll zu där Debatt hei just soen, dass mer eist Kyoto-Zil, dat heescht eng Re- duktioun vun 28%, grandios verfeelt hunn! Mir hu just 8% aus eegener Kraaft gepackt, an déi sinn och just zréckzeféieren op d'Ëmstellung vun den traditionellen Héichwien op Elektro- stolwierker an den 90er Joren. Déi feelend 20% hu mer erkaaft iwwer Kompensatiounsmoos- namen, wéi se och am Kyoto-Protokoll erlaabt sinn an deene sougenannten „flexibele Mecha- nismen“.

D'Cour des Comptes huet dës Praxis virun engem Joer an engem Avis schaarf kritiséiert. D'Klimapolitik, huet se gesot, géif hei als e renge Kontabilitéitsexercice gesi ginn, andeem zousätzlech Emissiounsrechter kaaft ginn oder Kompensatiounsmoosnamen an deene Länner finanzéiert ginn, wou se am bëllegste sinn, an net do, wou se am meeschte Sënn géife maa- chen.

■ L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)

■ Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.

■ L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



d'Chamber online op  
[www.chd.lu](http://www.chd.lu)





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias S.A. / Polygraphic S.A., Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg S.A. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,  
Editpress S.A. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

An esou e massive Réckgrëff op Kompensatiounsmesurë wier - esou d'Cour des Comptes deemools, an dat gëllt och haut nach - och guer net am Sënn vum Kyoto-Protokoll, deen déi Mesuren nëmmen als complémentaire gesäit niewent deenen nationale Beméiungen am Land selwer. Während hei am Land am Fong geholl et ëmgedrëit funktionéiert an déi real Mesuren hei an der Wirtschaft éischter als complémentaire a fakultativ ugesi ginn.

Zu Lëtzebuerg huet den Emissiounshandel iwwerdeems zu enger Festleung vun engem Wirtschaftsmodell gefouert, deen op fossille Brennstoffe baséiert an Investitiounen a reell Klimaschutzpolitik gebremst a blockéiert huet.

D'Versoen an d'Onkontrolléierbarkeet vun dësem Zertifikatsmarché huet och derzou gefouert, dass grouss Konzernner a Spekulanten drop sëtzen an dermat massiv Geld verdéngen. Virop natierlech - Dir wësst et alleguer - ArcelorMittal, déi esou Zertifikater am Wäert vun iwwer 300 Milliounen besëtzt, déi se fir näischt kritt huet an elo net méi wëllt zrëckginn.

Esou en Instrument kann net Deel vun enger Klimaschutzpolitik sinn. Et steet där éischter am Wee. An déi zu Doha decidéiert Verlängerung vum Kyoto-Protokoll verflucht d'EU elo zu enger Reduzéierung vun 20% bis 2020; wat e schwaacht Zil ass, wéinstens wann een den Ëmweltorganisatiounen nolauschtert an och wann ee gewësse Wëssenschaftler nolauschtert, déi sech dozou geäussert hunn. Déi fuerderen e Minimum vun 30%.

Wat Lëtzebuerg ugeet, muss fir dës zweet Periode just nach e Minus vun 20% par rapport zu 1990 virgewise ginn. D'Europäesch Ëmweltagentur huet awer an hirem leschte Rapport ausgerechent, dass Lëtzebuerg mat der aktueller Politik, wann déi fortgefouert gëtt, e Stéck méi wäert ausstousse wéi nach 1990, souguer méi wéi haut nach. A souguer mat zousätzleche Mesurë géifen eis Emissiounen konstant bleiwe par rapport zu 1990.

Wa mer elo deen Amendement hei stëmmen zum Kyoto-Protokoll, verflachte mer eis am Kader vun der EU genoe dozou. Méi net, och net manner. Dobäi wier et, menge mir, grad wichtig, an d'Zukunft ze investéieren, net nëmme weinst Kyoto, mä och aus aneren Ursaachen, weinst der wirtschaftlecher Diversifikatioun, weinst der Liewensqualitéit generell hei am Land.

E Beispill ass den Ausbau vun den erneierbaren Energien, wou den Undeel um Gesamtverbrauch de Moment bei 3,1% nëmme läit, wat en immens niddregen Undeel ass am Verglach och zu deem am Fong geholl wéineg ambitiësen Zil, dat Lëtzebuerg sech gestallt hat, vun 11%.

Mir mengen och, dass de massiven Ausbau vum ëffentlechen Transportréseau néideg wier, fir méi Autoen a Camionen vun der Strooss ze kréien, an net fir méi Autoen a Camionen op d'Stroossen ze kréien, wéi dat bei verschiddene Contournementen de Fall ass, vun deenen och schonn an där Debatt hei virdru geschwat ginn ass, déi géint all Prinzipie vun der Landesplanung verstoussen, och well se a Konkurrenz stinn zu enger vill befuerener a vill benotzter Eisebunnstreck an där Géigend.

D'Verlängerung vum Kyoto-Protokoll, menge mer awer, wier hei noutwendeg a wichtig, och wann et just e Minimalkonsens ass. Et ass en Iwwergangsinstrument bis 2020. A mir hoffen, dass duerno e méi ambitiëst - hoffe kann ee jo ëmmer! - a wierksam Ofkommen a Kraaft trëtt, dat och de Kader setzt fir eng Klimaschutzpolitik op internationalem an europäeschem Plang, déi deen Numm och verdéngt.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Urbany. An dann hätt d'Regierung d'Wuert, d'Madame Ëmweltminister Carole Dieschbourg.

#### Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, éischters emol e grouse Merci engersäits dem Henri Kox fir säi gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport an awer och den eenzelne Fraktiounen fir dee Soutien, dee mer hei kréien, fir déi Ënnerstëtzung a fir déi engagéiert Wieder.

Déi engagéiert Wieder och vum Här Oberweis, vum Här Negri, vum Här Hahn, dat weist, de Klimawandel ass eng Realitéit, et beweist, dass et hei an och...

#### (Interruption)

...genau, och vum Här Urbany...

#### (Interruption)

Genau!

#### (Brouhaha)

Op jidde Fall, un lech allegueren e grouse Merci...

#### (Hilarité)

..fir déi Ënnerstëtzung!

De Klimawandel ass keng ideologesch Astellung. De Klimawandel ass Realitéit an de Klimawandel ass haut scho sichtbar an d'Auswierkungen dervun. Si si bei eis sichtbar. Mir müssen Adaptatiounsmesuren huelen. Aner Länner hunn eng national Sécherheet, déi se mussen protégéieren, si hu Land, dat verschwënnt. An dat ass dat, vun deem mer, ënner anerem och, zu Lima schwätzen! Dat ass dat, vun deem mer op internationalem Niveau schwätzen.

An ech si frou, dass mir als Lëtzebuerg hei eis Responsabilitéit iwwerhuelen. Eng Responsabilitéit engersäits, wéi och den Här Hahn et gesot huet, vis-à-vis vun eise Kanner. Eng Responsabilitéit vis-à-vis vun engem Liewen, wat nach kennt a wat sech och hei soll entwéckelen.

Wa mer vu Klimawandel schwätzen an dann d'Ekonomie mat an d'Spill huelen, Här Kartheiser, da muss ech lech soen, dass mir eis eng nohalteg Ekonomie wënschen, eng, déi op déi Challenges ageet, déi sech hir stellen. Eng innovativ an eng, déi Effizienz och am Beräich vun der Energie gesäit an och am Beräich vun den Emissiounen.

Ouni gesond Loft, ouni proppert Waasser an ouni e gudden Buedem ka sech hei a Lëtzebuerg an néierens op der Welt eng gesond Ekonomie entwéckelen an ass och keng Wirtschaft méiglech. Dofir ass dat de Grond, firwat et wichtig ass, fir géint de Klimawandel anzetrieden.

Et ass e grousst Zeechen, grad well mer och d'Présidence hu vu Lëtzebuerg, wa mer dat Amendement vun Doha elo ratifizéieren, am Virfeld vu Paräis.

Et ass och esou, an doriwwer sinn ech ganz frou, dass mer zu Lima nieft dem Basisdokument - an do ginn ech op dem Här Negri seng Fro an -, nieft dem Basisdokument vu véier Säite plus 37 Säiten - also vun 41 Säiten insgesamt -, wat eis all Weeër oplëscht, och op europäeschem Niveau konnten dank ville Sätzungen en Accord fannen, dass mer dat Doha-Amendement zum Kyoto-Protokoll och op europäeschem Niveau kënne guttheeschen, soudass mer de 17. Dezember konnten als Ëmweltminister soen: „Dat doten akzeptéieren als europäesch Länner.“ Dat war wichtig. Polen

hat bis zu deem Zäitpunkt nach blockéiert an no Lima hate mer do e gemeinsamen Accord.

A Lëtzebuerg ass elo eent vun deenen éischten, wat dat och a Musek ëmsetzt. Dofir e grouse Merci! Ech denken, dass et och net ass, well anerer net matmaachen, dass een net soll als EU dat gutt Virbild sinn. Als EU e Leader bleiwen, dat ass dat, wat mer musse maachen! Déi positiv Geschicht erzielen, net nëmmen d'Erausforderungen nennen, mä och d'Chancë gesinn, déi sech opdi fir eis Wirtschaft, d'Chancë gesinn, wéi och den Här Hahn et gesot huet.

Ech soen lech e grouse Merci fir Är Ënnerstëtzung!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Minister. Da wäre mer um Enn vun der Diskussioun a mir géifen zur Ofstëmmung iwwergeen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6700 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

#### (Interruptions)

Keng Procuratiounen, sorry! Dat ass „die Macht der Gewohnheit“. Keng Procuratiounen! An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

Et hu 57 Deputéierter selwer ofgestëmmt, 54-mol Jo an 3 Enthaltungen. Domat ass de Projet mat enger qualifizierter Majoritéit ugeho.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An et bleift mer just nach ze froen, ob de Projet eng Dispens vum zweete Vote kritt.

#### (Assentiment)

Da soen ech lech Merci.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President!

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Dëst ass och en Accord... Mir brauchen nach eng Kéier eng Dräiviertelmajoritéit.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Wéi dee leschten...

#### (Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, mä...

Jo! Also, mir géifen zum nächste Projet iwwergeen. Dat ass de Projet de loi 6716, erëm e Protokoll, dës Kéier iwwert den Zougang zu genetesch Ressourcen. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Gérard Anzia.

### 7. 6716 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur l'accès aux ressources génétiques et le partage juste et équitable des avantages découlant de leur utilisation relatif à la Convention sur la diversité biologique, conclu à Nagoya le 29 octobre 2010

#### Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn elo hei zu spéider Stonn ënnerwee an et ass net méi gradesou einfach, dann déi ganz Konzentratioun dofir opzebréngen,...

#### (Brouhaha général)

...wat eis awer bestëmmt nach wäert geléngen. Ech probéieren, mech esou kuerz wéi méiglech ze faassen an esou laang wéi néideg d'Ausféierungen ze maachen.

Et geet also elo ëm d'Approbatioun vum Nagoya-Protokoll, déi mer um Programm stoen hunn. E Protokoll, deen un éischter Stell enger gewësser Biopiraterie soll entgéintwierken, dat heescht, der Notzung vun natierlechen a genetesch Ressourcen ouni d'Averständnis vun deem Land, wou déi Ressourcë sech befannen, an ouni dass dat Land dofir entlout gëtt.

Et geet an dësem Protokoll drëm, d'Biodiversitéit ze erhalen an ze schützen an e juristesche Kader se setze fir d'Notzung vun de genetesch Ressourcen. Och ginn d'Rechter an d'Flichte vun deenen eenzelnen Akteure festgehalen. Dat sinn op där enger Säit d'Länner, déi déi genetesch Ressourcen hunn, an op där anerer Säit déi industriell a kommerziell Notzer, déi déi Ressourcen exploitéiere wëllen, zum Beispill an der Kosmetik, der Pharmaindustrie an nach villen anere Beräicher.

Et si véier grouss Prinzipien, déi an dësem Protokoll niddergeschriwwen sinn:

Éischters, et ass festgehalen, dass d'Notzung vun de Ressourcen nëmmen a géigesäitegem Averständnis ka geschéien.

Zweetens, dass a Contrepartie zu der Notzung eng gerecht an équitabel Deelung vun den Avantagen, vun den Uwendungen a vun de Ressourcë geschitt. Dat kann a Form vu Suen, Retour vu Fuerschungsergebnater an/oder och vun Technologietransfert geschéien.

Drëttens, dass dat Land, dat déi Ressourcë besëtzt, awer och muss den Accès zu de Ressourcë garantéieren an esou regelen, dass den Accès gerecht an net willkürlech ass.

A véiertens, zu gudder Lescht, sinn déi zwou Partien, also déi, déi d'Ressourcen notzen, an déi, déi d'Ressourcë besëtzen, opgefuerdert, eng nohalteg Notzung ze garantéieren an d'Biodiversitéit op der Plaz ze erhalen.

Eng oppe Fro ass an der Kommissioun awer nach bliwwen: Wat geschitt, wann déi zwou Parteien sech net eens ginn? De Protokoll ass do net ganz eendeiteg. An dës Fro muss nach an de Verhandlungen zwëschen deene verschiddene Parteien da gekläert ginn.

Elo nach zum prozeduralen Deel. De Protokoll vun Nagoya ass den 29. Oktober 2010 ugeho. Lëtzebuerg huet dee Protokoll den 23. Juni 2011 ënnerschrifft. Den Europäesche Conseil huet de Protokoll de 14. Abrëll 2014 approvuiert. De Projet de loi ass den 11. September vum leschte Joer an der Chamber déposiert ginn. De Protokoll ass zwëschenzäitlech den 12. Oktober 2014 a Kraaft getrueden, well dunn eben 51 Länner e ratifizéiert haten.

Den Avis vun der Chambre des Salariés ass de 27. September, dee vun der Chambre de Commerce de 7. November 2014 erstallt ginn. Déi hunn alle béid de Projet de loi approvuiert.

De Conseil d'État huet säin Avis den 11. November 2014 erstallt a bemierkt, dass e sech hätt kënne virstellen, dass de Protokoll zesumme mat den Ausféierungsreglementer an engem Gesetz hätt kënne regroupéiert ginn, an approvuiert de Projet de loi awer mat enger klenger kosmetescher Korrektur vun engem Bindestréch.

D'Ëmweltkommissioun huet dunn den 3. Dezember 2014 de Rapporteur genannt an de 15. Januar 2015 de Rapport ugeho. Domat war ech um Enn vu mengem Rapport ukomm.

Ech ginn d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Anzia. An deenen éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Zeimet.

#### Discussion générale

► **M. Laurent Zeimet (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dës Protokoll, dee mer dann elo kënne, wa mer wëllen, approvuiere, steet an der direkter Suite vun der Rio-Konferenz an der Konvention iwwert d'Biodiversitéit an ass deenen éischten Erfolleg u sech an der Suite vun deene Konferenzen zanter dem Kyoto-Protokoll, dee mer viru Kuerzem - jo elo just - nach diskutéiert hunn.

Lëtzebuerg war zu Nagoya duerch de Marco Schank vertrueden. Ech weess et net, mä ech mengen - ech si ganz sécher -, datt seng Präsenz a seng Matdiskussioun do mat derfir gesuergt hunn, datt dës Succès konnt zustane kommen!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!